Här Buergermeeschter,

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot,

Léif Leit déi eis am Livestream nokucken,

D'Christiane Streef als dësjäreg Budgets-Rapportrice huet scho vill iwwert d'Zuelen am Budget geschwat, dofir probéieren ech mech mat den Zuele kuerz ze faassen a wäert iech an den nächste Minutten iwwert

- Kultur,
- Museksschoul an
- Tourismus
- A Bauten schwätzen.

Als Präsident vun der Hesper Kulturkommissioun an als Tresorier vum Kulturkrees Hesper asbl ass et jo kloer dat mir dëst Thema um Häerz leit. „Hesper, eng Gemeng mat Flair" esou heescht an eise Slogan, déi mir net nëmmen sou als Slogan gewielt hunn, mee déi mir och wierklech esou „liewen"

Wa mir 2012, also virun 12 Joer mat eisem „Hesper Kultursummer" déi éischt Editioun gefeiert hunn, konnte mir eis net erdreemen wéi dëse mat de Joren géif wuessen an iwwert d'Gemengegrenze bekannt géif ginn.

Anzwëschen sinn esou guer Nopeschgemengen deenen eise Programm schéngt esou gutt ze gefalen, dat sie net nëmme verschidden Artisten, mee och esou guer den Numm vun eisem Kultursummer iwwerholl hunn.

Och fir 2025 schaffe mir drun fir e flotten an usprochsvollen Programm op d'Been ze stellen, e Programm wou fir jiddereen dat passend derbäi soll sinn. Rock, Pop, Techno a Classic. E Concert „Made in Luxembourg" mat lëtzebuerger Kënschtler kéint fir 2025 eng Optioun sinn.

Eng ganz flott Skulptur Expo am Parc grad wéi och am „Espace Art accueil“ vun eiser Gemeng mam franséischen Artist Christian HIRLAY, rennt de Summer Programm of.

Bei dëser Geleeënheet stellt och gläichzäiteg de grousse letzebuerger Kënschtler Arthur Unger seng Wierker an der Gemeng aus. Den Arthur Unger, anzwëschen 92 Joer al, aus der Gemeng Hesper, huet dat lescht Joer eng grouss Ausstellung am Nationalmusée MNAHA gehat.

Bei dësen Evenementer muss een ervirsträichen dat et net nëmmen ëm de musikaleschen an artisteschen Deel geet, méi dëst och en zesummekommen ass vu villen Leit, mat vill verschiddenen Nationalitéiten, Sproochen a Kulturen, an sech niewenbei och nach als **déi perfekt Intégratiounsméiglechkéet** ubitt.

Op dëser Platz wëll ech all eise Gemengen Equipen a Servicer, grad wéi och alle Veräiner déi mat hëllefen e grousse Merci soen!! Sie all hëllefe fir dat eisen „Hesper Kultursummer“ all Joer zu engem gèllechen Succès gëtt.

Der Hesper Gemeng e grousse Merci fir d‘Uschafen vun deem formidabele Gedrénksstand deen dat lescht Joer fir d’éischte Kéier am Parc am Asaz war.

Mat der Acquisitioun vun der neier „Mobiler Bühn“ ass et an Zukunft och méiglech geleeëntlech en „Kultursummer on Tour“ um Territoire vun eiser Gemeng ze envisagéieren.

Eist kulturellt Liewen an eiser schéiner Gemeng beschränkt sech awer net nëmmen op de Kultursummer am Parc. Flott Konschtausstellunge mat renomméierten Künstler stellen hir Konscht am 2 Joer Rhythmus op der „HespArt“ ënnert dem Impuls vum Jean Fetz, Präsident vum Letzebuerger Artisten Center (LAC) am CELO aus.

Am Mäerz 2025 wäert och déi a Vergaangenheet organiséiert Hobbyausstellung mat neiem Gewand als „Hobby HespArt“ am neie Centre Jos Altmann stattfannen.

« La céramique, c'est magique » éditioun 2025 fënnt vum 16.-bis 23. Mee eng 2te Kéier am CELO statt. No deem flotte Succès vun 2023 hoffe mir datt och 2025 neess vill Leit de Wee op Hepser fannen an datt Hesper eng Referenz gëtt fir Keramik, national a villäicht och eng Kéier international.

D'Gemeng valoriséiert awer och Leit déi Konscht Couren huelen a widmet 3 kleng Expoen hinnen am Abrëll a Mee un;

- Cours artistiques pour adultes – peinture
- Art à l'Ecole; d'Gemeng weist Konschtwierker vun de Kanner déi sie am Laaf am Joer am „Atelier Art à l'Ecole" realiséiert hunn.
- Fotoausstellung fir Senioren déi Foto-Kuren am Club-Haus Seitert huelen

Mat der Renovatioun vum Haus Baumert niewent dem Hesper Schlass, kann dësen Deel mat der flotter Aussiichtsplattform erschloss, an den Awunner wéi och den Touristen zougänglech gemaach ginn. Mat Hëllef vun den Hesper Geschichtsfrënn kritt d'Haus e wichtege Stellewäert fir dem Visiteur d'Geschicht an d'Entwécklung vun der Gemeng Hesper méi no ze bréngen.

Mat eiser Kulturkommissioun si mir natierlech och ëmmer beflass fir flott Eventer wéi Concerten, Cabaret, Comedie, Danz a Spektakel asw an der grousser „Salle Marie-Thérèse Gantenbein" am CELO opzeféieren. Leider ass dëst oft schwiereg well de Sall op Méinten am Viraus schonn ausgebucht a verginn ass.

Fir déi grouss Pallette un Konscht a Kultur déi mir iwwert déi lescht Joren fir eis Matbierger opgebaut hunn ze valoriséieren, mengen ech dat mir dës Aarbecht nach medial besser könnten „verkaafen" Dofir wär et sënnvoll de Service „Relations public" an nächster Zeit gezielt mat deem néidege Personal opzestocken.

Sou wei mir en „Coordinateur Sportif“ agestallt hunn, wär et e Gedanke wäert, an immens wichteg, fir och iwwert en „Coordinteur Culturel “ an Zukunft nozedenken.

Bei eiser lokaler **Museksschoul** koum et dëst Joer an der Verwaltung zu wesentlechen Ännerungen. De Kontrakt mat der UGDA gouf gekënnegt an zënter dësem Schouljoer 2024/25 gëtt dës vun eiser eegener neigegrënnter „Hesper Museksschoul“ ënnert der Direktioun vum Xavier GRISO geleet.

1247 Inscriptiounen fir d’Joer 2024/25, 111 cours/Moduller, 22 verschidden Instrumenter ginn vu 35 Enseignants ugebueden.

Ech erënneren un déi 4 Weekender um Sonndegmoien am Fréijoer déi eis Museksschoul ënnert dem Thema „Musikalesche Leckereien“ am CELO ugebueden huet, dat war vun der Extra-Klass an de Sall war déi 4 x bis op déi leschte Platz gefëllt, a mir freeën eis elo schonn am Mäerz op déi nächst Editioun. Dës Optrëtter ginn desweideren Méindes dono de Schoulklasse präsentéiert.

**Kultur ass wäertvoll a wichteg!**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären;

Kultur, Sport an Tourismus spillen eng weesentlech Roll an der Entwécklung an Attraktivitéit an der Gemeng. Sie droen zur Liewensqualitéit vun eise Bierger bei, förderen den Zesummenhalt a stäerken d’Wirtschaft duerch lokal an externe Visiteuren.

Den Tourismus erlieft zënter no de Pandemie e gèllechen „Boom“ Dëst kann een och ganz gutt op eisem Camping „Bon Accueil“ zu Alzeng erkennen. Dëse gutt besichte Camping, dé wëngst sënger zentraler Lag zur Haaptstad, senger flotter Lag matten an der Natur, senger gudder Ubindung zu de Veloswéeer an dem gratis ëffentlechen Transport, dem flotte Park mat senge flotten „Events“ niewendrun, musse mir attraktiv halen a stänneg moderniséieren. Den Tourist vun haut huet ganz aner Uspréch wéi dé vu fréier. Koum dëse fréier mat enger klenger Roulotte,

kënnt hien haut mat engem grousse Camper, koum hie fréier mam Velo oder per pedes mam Zelt um Bockel, kënnt hien haut mam Auto zelten. Mir mussen energétësch an ëmweltbewosst moderniséieren. D'Stellplazen mussen de Gefierer ugepasst ginn.Elektro-Bornen mussen an Zukunft installéiert ginn.

D'Bedeitung vum Tourismus fir d'Gemeng huet desweideren e **Wirtschaftsfaktor,** e schaaft Aarbechtsplazen um Camping an och an der Gastronomie, Hotellerie, Freizeit an de lokale Commercen. D'Infrastruktur; den Ausbau vun touristeschen Offere kënnt der Allgemengheet zugut, zb duerch Veloswéer, Komfortwanderwéer, Fitnessparcours, Guttland Trail, Slow Trips, gefouert Visitten, Auto-pédestres asw.

Kultur an Tourismus sollen no matenee schaffen a verbonne sinn, net ëmsoss huet eis Regierung d'Ressorten Wirtschaft, Kultur an Tourismus zesumme geluecht.

Fir dës Synergië richteg zesummen ze bëndele wär et vu groussem Virdeel wa mir als Gemeng Hesper eis an Zukunft, esou wéi praktesch all eis Nopeschgemengen dem ORT Guttland géifen uschléissen a mir vun hirem Know-How profitéiere kéinten.

Fazit; D'Verbindung vu Kultur, Sport an Tourismus bitt de Gemengen am allgemengen d'Méiglechkeet sech als liewenswäerten an attraktive Standuert ze präsentéieren. Sie stäerkt déi lokal Wirtschaft, fördert d'Gemeinschaft a suergt fir ein villfältegt Fraizeit-Offer. Duerch klug Investitiounen a Kooperatiounen kann d'Gemeng laangfristeg profitéieren a gläichzäiteg Traditiounen an d'Natur bewahren.

Nach e Wuert zu de Bauten;

Hei stinn ganz grouss Investissementer un, dës sinn deels an der Planung an deels schonn an der réalisatiouns Phase.

Als Alzenger Vertrieder am Gemengerot, sinn ech natierlech frou dat mir zu Alzeng nom Neibau vun der Schoul „an de Wisen" och d'Schoul

am Duerfkär op der Syrener Strooss mat enger Extensioun als Maison relais + Schoul vergréisseren. Fir de Bierger vun Alzeng, mat hiren villen jonke Stéit mat klenge Kanner, als 2t gréisst Sektioun vun eiser Gemeng gerecht ze ginn, ass dëst bluttnoutwenneg.

Dat selwecht zielt och fir de groussen Aus- an Ëmbau vun der Schoul um Plateau.

Den Hesper Duerfkär wäert an den nächste Joren e ganz neit Gesicht kréien. Dëst mam neien "clin d'oeil" vum Lift deen op den Holleschbierg féiert, grad wéi och dem neien „Bâtiment mixte" wou e grousse Parking, Commercer an 20 sozial Wunnengen wäerten an engem moderne Bau entstoen. Net zulescht wäert dann d'Place Paul Jomé och an de kommende 5-6 Joren komplett nei ausgesinn

**Ofschléissend** wëll ech och eisem

- Service Financier an alle weidere Bedeelegten déi un dësem Budgets-Dokument matgeschafft hunn ee grousse Merci ausspriechen, fir déi vill a perfekt Aarbecht déi Sie a stonnelaanger Aarbecht am Sënn vun eiser Gemeng gemaach hunn.
- Ech wëll och d'Finanzkommissioun mat hirem Präsident dem Bob MULLER net vergiesse grad wéi der Sekretärin vun der Kommissioun, dem Myriam FEYDER fir säi Rapport deen hatt verfaasst huet
- Last but not least der Kolleegin Christiane STREEF, der dësjäreger Budget-Rapportrice fir hier Analyse vum Budget.

**An deem Sënn soen ech Iech alleguerte villmools Merci fir d'Nolauschteren a wënschen elo schonn jidderengem hei bannen an beim Livestream schéi Krëschtdeeg an e gudde Rutsch!**